N°2782
Entrée le 14.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.08.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

De 17. Juli 2025 ass matgedeelt ginn, datt an Däitschland d'Liposuktioun am Kader vun der Behandlung vum Lipödem onofhängeg vum Stadium vun der Krankheet an de Leeschtungskatalog vun der gesetzlecher Krankekeess (*GKV*) opgeholl gëtt, op Basis vun enger Decisioun vum *Gemeinsame Bundesausschuss* (*G-BA*).

Dës Decisioun gouf opgrond vun den Tëscheresultater vun der LipLeg-Etüd (*Liposuktion bei Lipödem am Stadium I, II oder III*) geholl, déi kloer Virdeeler fir d'Patientinnen nogewisen huet. Et handelt sech ëm hei eng Pathologie, déi och net nëmme physesch, mee och psychologesch Auswierkunge fir déi Betraffe mat sech bréngt.

An der parlamentarescher Fro N° 7880 hat déi viregt Gesondheetsministerin am Mee 2023 erkläert, datt e spezialiséierte Grupp agesat gi wier, fir d'Méiglechkeete fir eng Verbesserung vun der Prise en charge ze analyséieren an d'Erfarunge vu Pilotprojeten aus verschiddene Länner zesummenzedroen.

An dësem Kontext ginn ech follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Op wéi eng Pilotprojeten a mat Ursprong aus wéi enge Länner huet de Gesondheetsministère sech bis elo baséiert, a wat sinn d'Conclusiounen dovunner bis haut?
2. Ass dee besote spezialiséierte Grupp nach ëmmer aktiv? Wa jo, wou ass e mat der Analys vun der aktueller Prise en charge drun a wat sinn d'Resultater, déi bis dato konnten doraus gezu ginn?
3. Ass d'Regierung bereet, dem Beispill vun eisem däitschen Noper nozegoen a beim Lipödem eng komplett Prise en charge duerch Gesondheetskeess vun der Liposuktioun an onofhängeg vum Stadium vun der Krankheet anzeféieren? Wa jo, a wéi engem Zäitraum kéint dës Moossnam ëmgesat ginn? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert